

Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Barbara Agostino), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8401. Den Text steet am Document parlementaire 8401³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8401 et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen och hei elo de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Voilà, an dann ass och do de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass dat selwecht wéi virdrun: Jo: 58, Nee: 2, Abstentioun: 0. Dëse Gesetzesprojet ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par Mme Stéphanie Weydert), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claire Delcourt), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par Mme Liz Braz) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet hei d'Chamber och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou decidéiert.

4.8415 – Projet de loi relative à l'augmentation de la quote-part du Grand-Duché de Luxembourg auprès du Fonds monétaire international, l'extension de l'accord d'emprunt bilatéral entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Fonds monétaire international et portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021

An da komme mer zum nächste Punkt vum eiseem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8415 iwwert d'Erhéijung vun der Lëtzebuergescher Bedeelegung um FMI souwéi d'Verlängerung vum bilaterale Prêt-vertrag mam FMI. D'Riedezäit ass hei e Basismodell. De Rapporteur huet also 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung der 10. An et si schonn ageschriwwen: den Här André Bauler, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer haut eng grouss Éier, Iech hei elo als Rapporteur kënnen de Projet de loi 8415 virstellen. De Gesetzesprojet gesäit vir, der Regierung d'Autorisatioun ze ginn, de finanzielle Bäitrag zu dem FMI, dem Internationale Währungsfond, an d'Luucht ze setzen. Et ass geplangt, de finanziellen Engagement vu Lëtzebuerg am FMI ëm 660,9 Milliounen sougenannten Droits de tirage spéciaux, DTS, oder ronn 800 Milliounen Euro ze erhéijen, fir en am Ganzen op 1.982,7 Milliounen där DTSen, där Droits de tirage spéciaux, ze bréngen.

De Projet de loi gesäit och vir, déi sougenannten „Bilateral Borrowing Agreements“, also bilateral Verträge, ënnert deene Memberlänner an domadder och Lëtzebuerg remboursabel Prëten un den FMI kënnen ginn, bis den 31. Dezember 2027 ze verlängeren. Hei geet et fir Lëtzebuerg ëm e maximale Betrag vun 887 Milliounen Euro.

An Zäite vu grousser geopoliteschen Onrouen an Onsécherheet ass et ëmsou méi wichteg, an dëser Situatioun eng esou wichteg international Organisatioun wéi den FMI ze stäerken an iwwert dës Wee hir Ressourcen auszebauen.

Fir dës Projet ze preparéieren a fir d'Aarbecht vum FMI besser ze illustréieren, hunn ech e Projet um Internetsite vum dem FMI fonnt, wou et drëms geet, deen immens groussen Defi unzehuelen, fir méiglechst vill Aarbechtsplazen am südlechen Deel vun Afrika ze schafen a sou dës Länner ze hëllefen, Perspektiven ze schafe fir hir Populatioun.

De Conseil vum de Gouverneure vum FMI mécht periodesch eng Iwwerpräiwung vun de finanzielle Bedeelegunge vun de Memberlänner, de sougenannte Quote-parten, an dat op d'mannst all fënnef Joer. Dës Revisioun dëngt der Evaluatioun vun de Finanzéierungsbedürfnisser vun den eenzelne Memberlänner an der Finanzéierungscapacitéit vum FMI.

Déi lescht gréisser Reform war bei der 14. Revisioun, déi 2010 ofgeschloss gouf an 2016 a Kraaft getrueden ass. Déi 15. Revisioun gouf 2020 ofgeschloss ouni Erhéijung vun de finanzielle Beiträg oder Modifikatioun vun de Quote-parten vun den eenzelne Memberlänner.

D'Diskussiounen iwwert déi 16. Revisioun vun de Quote-parten an déi finanziell Beiträg fir den FMI hunn am Dezember 2020 ugefaangen a goufen de 15. Dezember 2023 mat der Adoptioun vun der Resolutioun Nummer 79-1 ofgeschloss. Dës Resolutioun gesäit vir: engersäits eng Erhéijung vun de finanzielle Contributiounen un den FMI, déi de Memberlänner par rapport zu hiren aktuelle Quoten zougedeele ginn, an op där anerer Säit d'Notze vun externe Finanzéierungsquellen duerch den FMI ze reduzéieren, ewéi zum Beispill bilateral Prëten, esoubal d'Erhéijung vun de Quote-parten a Kraaft trëtt.

Den Undeel vu Lëtzebuerg klëmmt also vum aktuell 1.321,8 Milliounen DTSen op 1.982,7 Milliounen DTSen. D'Quote-part, dat heescht den Undeel vu Lëtzebuerg un der Finanzbasis vum FMI, bleift awer proportional identesch a säin Undeel un de Stëmmer-rechter soll onverännert bleiwe mat 0,29 %.

En accord mat de Statutte vum FMI gëtt ee Véierel vun der Erhéijung vun der Lëtzeburger Contributioun op den FMI transferéiert – dat sinn 165,2 Milliounen DTS oder ongeféier 200 Milliounen Euro – a 75 % ginn duerch d'Emissioun vun engem Bon de trésor finanziéiert. Dat entsprécht 495,7 Milliounen DTSen oder ongeféier 600 Milliounen Euro.

Fir ze garantéieren, dass déi finanziell Fundamenter vum FMI awer intakt bleiwe bis zur effektiver Ëmsetzung vun der proposéierter Revisioun vun de Contributiounen mam Accord vun op d'mannst 85 % vun de Stëmmer-rechter, hunn déi concernéiert Memberlänner decidéiert, déi besteeënd Accorden, fir bilateral Prëten un den FMI ze ginn, och ze verlängeren. An deem Kontext gesäit de Gesetzesprojet vir, déi gesetzlech Basis ze schafen, déi et der Regierung erlaabt, hire finanziellen Engagement fir den FMI am Kader vu bilaterale Prëte bis den 31. Dezember 2027 ze verlängeren, wéi dat virdru presentéiert gouf. Hei geet et, wéi gesot, ëm ronn 887 Milliounen Euro.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen nach kuerz op d'Avis vum Staatsrot a vun der Chambre de Commerce zeréck. An hirem Avis vum 19. August 2024 huet d'Chambre de Commerce dës Projet de loi approuvéiert a begréisst a hirem Avis de weideren Engagement vu Lëtzebuerg beim FMI a méi allgemeng dee bei den Institutionen, déi déi global sozioekonomesch Gouvernance betreffen. Si invitéiert awer och d'Regierung, derfir ze suergen, dass d'Staatsfinanzen am Equilibre bleiwen, wann dës Droits de tirage an déi bilateral Prëte beim FMI aktivéiert ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 22. Oktober 2024 keng weider Bemierkung um Fond gemaach an huet säin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn. Déi proposéiert legistesche Modifikatioun goufe vum Staatsrot alleguerten an de Projet de loi integréiert. Fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeit a kënnge gläichzäiteg heimadder den Accord vu menge Kolleeg vum der Fraktioun vun der CSV un. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Bauer villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport. An deen éischten

ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. André Bauler (DP) | Jo, merci, Här President. Den Internationale Wärfungsfong spillt eng net ze ënnerschätzend Roll, fir eng weider Fragmentéierung um Niveau vum internationalen Handel oder eng Hausse vun der Verschuldung vun den aarme Länner ze vermeiden.

Jo, de weltwäiten Handel als Motor vun der Wirtschaft muss weider ënnerstëtzt ginn. Den Internationale Wärfungsfong huet natierlech och eng essenziell Verantwortung, grad wann et ëm d'Aarmutsbekämpfung geet.

Engem Rapport vun der Weltbank no liewen haut ronn 40 % vun den ärmste Leit op der Welt a Länner, déi méi aarm si wéi nach virun der Covid-19-Pandemie. Dëst erkläert sech och duerch heefeg Naturkatastrophen. Während der Pandemie hunn dës Länner nach méi Sue misse léinen an hunn zanterdeem nees méi héich Zënse missen zeréckbezuelen. An deem Kontext krute se och manner Hëllefsgelder vun anere Länner, wat d'Situatioun vun hire Finanzen verschlechtert huet.

Gleeft een der Weltbank, sou befanne sech bal d'Hallschent vun de 26 ärmste Länner de Moment an enger Scholdekrise oder riskéieren, a sou eng finanziell Kris ze rutschen. Dat sinn der duebel sou vill wéi nach viru ronn zéng Joer, 2015. An dëst ënnersträicht nach emol méi, wéi weesentlech et ass, d'Aarmutsbekämpfung weider ze prioriséieren.

Den Internationale Wärfungsfong ass och e wichtege Acteur, fir déi international Beméiungen am Kampf géint de Klimawandel ze stäerken. Duerch seng Finanzplaz spillt Lëtzebuerg eng zentral Roll, fir dës weltwäit Problemer, virun allem de spezifesch Problem vum Klimawandel, unzegoen an innovativ Léisungen am Sënn vun den nohaltege Finanzen ze entwéckelen.

D'Solidaritéit an déi international Zesummenaarbecht mussen op jidde Fall op alle Pläng gestärkt ginn, fir dës Erausforderunge bewältegen ze kënnen. Mir wëllen als Land de Multilateralismus stäerken an dowéinst gëtt meng Fraktioun dann och den Accord zu deem Gesetzesprojet, fir de finanzielle Bäitrag vu Lëtzebuerg beim Weltwärfungsfong eropzesetzen.

Gläichzäiteg beglückwünschen ech de Rapporteur Maurice Bauer fir säin exzellente Rapport. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. An déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Jo, mir stëmmen deemem Projet hei zou. Fir eis ass et evident, dass mer déi laangjäreg Relatioun mam FMI net wäerte brieche.

Ech wëll just gären op eng Remark aus dem Avis vun der Chambre de Commerce hiweisen. Ech mengen, de Rapportier hat et och schonn erwänt: Wann natierlech elo den FMI dohinner geet an do de Bon de trésor zitt, da wäert dat natierlech e groussen Impact op eise Staatsbudget hunn. Däers soll ee sech duerchaus bewusst sinn.

Mee wéi gesot, fir eis ass dat awer elo kee Grund, dass mer deemem Projet hei net wäerten zoustëmmen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Dann huet den Här Fred Keup d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech halen et ganz kuerz. Mir ginn den Accord als ADR-Fraktioun. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Nee, mir wäerten eisen Accord net ginn. Bis elo hu mir eis ëmmer d'Fro gestallt, ob et iwwerhaapt eppes Positives beim FMI gëtt. An d'Äntwert ass evidenterweis Neen. Well iwwerall do, wou den FMI intervenéiert huet, do wisst kee Gras méi. Frot d'Argentinier, frot d'Griichen.

Bon, et gëtt eng kleng Ausnam: Dank dem FMI ass dëst Joer a Sri Lanka e kommunistesche President gewielt ginn. An d'People's Liberation Party, also d'KP vu Sri Lanka, ass vun dräi Sëtzen am Parlament op eng Zweedréttelmajoritéit geklomm.

Dat huet domadder ze dinn, datt de Kandidat an elo aktuelle Staatschef vu Sri Lanka Campagne gemaach huet géint de Programm vum Weltwärfungsfong, dee selbstverständlech – dat dierf een och ni vergiessen – permanent nëmme Sozialofbau preconiséiert. Soss näischt. Deene fällt soss näischt an! An am Prinzip ass d'Schold duerno, wann d'Länner fäerdeg si mat deenen degelasse Programmer, déi den FMI opzwéngt, nach méi grouss. An dat wäert och mat Sri Lanka geschéien.

Et dierf een och ni vergiessen, datt d'Struktur vum FMI ... Et ass jo esou, datt d'Politik vum FMI jo festgeluecht gi vun de Bailleuren, also vun de räichen industrialiséierte Länner, déi dann de manner räichen an aarme Länner Oplagen operleëen. A nennt mir iergende Land, deem et besser gaangen ass, nodeems den FMI gewüt huet – well dat ass d'Wuert, dat ee muss benotzen!

Elo, wat ganz schlëmm ass, ass den neie President vu Sri Lanka, den Här Dissanayake, dës Woch ënnert dem Drock vum FMI ageknickt, well Sri Lanka déi Milliarde brauch. Déi sinn natierlech conditionéiert, soss hätt e missen nach een, zwee Joer negociéieren an da wier et guer net méi opgaangen.

An den FMI, dee bleift haart mat de schwaachen, mat den aarme Länner. Haart! Si fuerderen eng ganz Partie Mesüeren, wat d'Dette ugeet et cetera. An dat ass ganz konkret.

D'TVA geet erop. Mir schwätze vu Sri Lanka, engem Land, wou et Aarmut gëtt – Dir wësst et jo, an dat ass op engem aneren Niveau –, wou ëffentlech Déngschtleschtungen mussen ofgebaut ginn. Ëffentlech Déngschtleschtungen, déi komme jo ëmmer deenen Ärmsten zegutt, wou Energiesubventionen ofgeschaaft ginn, an dat deet ganz, ganz wéi. A Sri Lanka, wou Sozialsystemer ofgebaut ginn, dat deet ganz, ganz wéi. A Sri Lanka, wou d'Aarbechtsrecht ofgebaut gëtt.

Dat ass dat, wat den FMI fuerdert vu Sri Lanka, vun der sri-lankescher Regierung. Et ass jo och e Mëttel, fir eng fortschrittlech Regierung füttizemaachen, well se déi ënner Drock setzen. Dat ass eng politesch Institutioun. Dat si keng Gudder.

D'Resultat ... An do sinn Ekonomisten, déi elo scho soen: „Mee wann dat alles füttigemaach ginn ass, wann u sech Milliounen vu Sri-Lanker an d'Aarmut geschéckt gi sinn duerch d'Reforme vum FMI, wäert duerno natierlech d'Schold um Enn nach méi héich sinn. Dat ass dat, wat den FMI wäert fäerdegbréngen. An dat ass dat, wat den FMI soss ëmmer gemaach huet an anere Länner. Voilà.

Dat heescht, mir kënnen natierlech déi Opstockung net ënnerstëtzen. Den FMI huet Milliounen

Existenzen op dem Gewëssen. Dat dierf een net vergiessen.

Une voix | An de Sozialismus?

M. David Wagner (déi Lénk) | Doriwwer muss mer eng Kéier diskutéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Et gi keng Interpellatiounen zwëschen Rieden hei gemaach. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, dat doten ass eng onqualifizéiert ... Op jidde Fall kann ech dat beleëen an Dir net.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Da géing ech d'Wuert der Regierung ginn. Här Finanzminister, et ass un Iech.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hat eigentlech geduecht, dass ech guer net misst intervenéieren bei deem Punkt. Mee mir sinn am Haus vun der Demokratie. An do huet natierlech jiddwer gewieltene Volleksvertreieder seng Meenung, déi e ka fräi an deem Parlament ausdrécken. An dat fannen ech och richtig esou.

D'Regierung huet awer och d'Fräiheet, Saachen ze deelen an net ze deelen. An ech soen Iech ganz éierlech, Här President, dass ech awer e bësse schockéiert sinn, wann een hei iwwer eng international Organisatioun, déi et zënter 1945, also direkt nom Zweete Weltkrich, gëtt, héieren – an ech hunn dat elo notéiert –: „Milliounen Mënschen um Gewëssen“, „degelass Programmer“.

(Interruption)

Här Wagner, ech hunn Iech guer net ze bevormunden. Dat steet mer guer net zou, well Dir sidd Member vum éischte Pouvoir, Dir kontrolléiert d'Regierung. Ech deelen awer déi dote Wieder, déi staark Wieder sinn, net.

De Premier an ech selwer haten iwwer Mëtteg eng Entrevue mat dem Premierminister an dem Finanzminister vu Liechtenstein, dem Här Daniel Risch. A Liechtenstein, Här Wagner, dat ass dat 191. Land – also ech soen et nach eng Kéier: dat 191. Land –, dat dem FMI bäigetrueden ass no engem Referendum vun hire Leit.

An ech kann eigentlech dofir net deelen, wann ee seet, eng Organisatioun, eng international Organisatioun, déi de Multilateralismus ënnersträicht, wou 191 Länner vun der Welt Member sinn ... Et ass jo net eng Persoun beim FMI, déi do géng e Programm zeréckhalen. Mee neen, et ass am Kontext vun enger internationaler Organisatioun, wou déi Programmer zeréckgehalen gi fir all Land, wann déi esou eppes arrétéieren. An et kënn een an et seet een „degelass Programmer“, „Milliounen Mënschen um Gewëssen“ – dat kann ech net deelen!

De Wärfungsfong, vun deem Lëtzebuerg Member ass, huet eng historesh Ursach. Eis fréier Grande-Duchesse Charlotte war zu Washington am Exil. A well d'Amerikaner d'Hand iwwer Lëtzebuerg gehalen hunn, si mer direkt Member gi bei dem FMI a mir sinn direkt Member gi bei der Weltbank.

An den FMI ... Et ass richtig hei ënnerstrach ginn. Jo, Aarmutsbekämpfung ass eng vun den Täch vum FMI. D'digital Transitioun ass eng vun den Täch vum FMI. A virun allem déi gréng Transitioun ass eng vun den Täch vum FMI. An dass den FMI do ass, hëlleft grad deenen ärmste Länner vun der Welt, zesummen iwwerens mat der Weltbank an enger

Solidargemeinschaft vun den internationale Staaten, fir dass och do Wuesstum kann erreicht ginn. Well all Land – dat muss een net politesch deelen – brauch Wuesstum, all Land, ob et en industriell entwéckelt Land ass oder e Land, dat nach méi Entwécklung brauch, brauch Wuesstum.

Den FMI huet och nach eng aner Funktioun. Dat ass dee sougenannten Artikel IV. Wat seet en do? Mee e mécht e Bléck vun auswäerts op d'Wirtschafts- an d'sozial Entwécklung an den eenzelne Memberstaaten, an do kommen ech drop zeréck. E mécht Recommendationen. An et ass un deenen nationale Regierungen, déi Recommendationen ëmzesetzen oder net.

An zënter Joren, fir net ze soe Joerzénkten, adresséiert sech den FMI ëmmer an enger Approche, déi seng eegen ass, op den Indexsystem zu Lëtzebuerg. Hu mir den Indexsystem zu Lëtzebuerg a Fro gestallt? Ass en ofgeschafft ginn?

Ech soen hei am Numm vun der CSV-DP-Regierung, gradewéi et am Regierungsprogramm steet: Dës Regierung steet zum Index an den Index wäert weider bäibehale ginn, och wann den FMI dat heiansdo kritiséiert!

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Den FMI adresséiert och de Problem vun der Alterung zu Lëtzebuerg an der sozialer Versécherung vun dem Alter. Mee et ass nach ëmmer un der Lëtzebuerger Regierung, ze soen, ob se dee Problem ugeet a wéi se dee Problem ugeet.

An duerfir soen ech och ganz kloer als Finanzminister, dass dat hei e wichtege Projet ass, well et geet hei ëm en Engagement vun 800 Milliounen Euro, deen d'Lëtzebuerger Land hält. 800 Milliounen! Et ass also net grad näischt an d'Madamm Bofferding huet dat richtig ënnerstrach, mee et sinn 200 Milliounen – wat och net näischt ass –, déi an nächster Zukunft op Washington mussen iwwerwise ginn.

Ech wëll awer dat hei soen, fir dass dat och ganz kloer ass: Dat ass eisen Engagement. A firwat, sot Der, musse mer do 200 Milliounen Euro investéieren? Mee well Lëtzebuerg natierlech eng relativ héich Participatioun an dem FMI huet, mir hunn nämlech 0,28 % vun de Quoten. A kuckt emol: Dat ass méi héich wéi Neuseeland. Déi hunn 0,26 % vun de Quoten. An dat kënnt bal un Israel mat 0,40 %, Portugal an Ägypte mat 0,43 % erun.

Allerdéngs ginn déi Suen hei – dat muss ech och an der Transparenz soen, och wann d'Chamber dat elo gestëmmt huet – provisionéiert, dat heescht se si virgesinn am Budget vum Joer 2025, wann deen dann hoffentlech gestëmmt gëtt. Mee se ginn eréischt iwwerwisen, wa 85 % vun de Quoten insgesamt deem zougestëmmt hunn.

Et ass awer esou, dass d'Amerikaner eppes méi wéi 15 % vun de Quoten hunn. An duerfir hänkt et – an dat wëll ech och a voller Transparenz soen – dovun of, ob a wéini d'Amerikaner zu dëser Kapitalerhéijung hir Zoustëmmung ginn.

Dir wësst, et ass e politesche Wiessel zu Washington geschitt, an et ass un der neier Administratioun vun dem designéierte President Trump, fir dann déi Decisioun ze huelen, vun där si mengen, et wier déi richtig.

Nach eng Kéier, ech soen dann dem ganz groussen Deel vun der Chamber Merci fir dës Zoustëmmung. Et ass e weidere Schrëtt vun eisem Land, fir seng Plaz an der Weltcommunautéit ze assuréieren. An et ass och e staarkt Engagement, wéi den Här Bauler et virdrun

ënnerstrach huet, fir de Multilateralismus. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Finanzminister Merci fir seng Ausféierungen. An domat wär d'Diskussioun zu dësem Punkt dann ofgeschloss.

A mir géingen zum Vott vun deem Projet de loi kommen, dem Projet de loi 8415, wou den Text am Document parlementaire 8415³ steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8415 et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen d'Ofstëmmen elo op. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme. Dëse Projet ass also ugehall mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmme.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. Dépôt d'une motion par Mme Sam Tanson

An dann hunn ech nach eng Demande fir en Depot vun enger Motioun. D'Madamm Sam Tanson.

Exposé

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | Jo, merci, Här President. Ech kommen zréck op eis Diskussioun vu gëschter relativ zum Accord Mercosur, deen am Moment jo an der Diskussioun op europäeschem Niveau ass, wou mer gëschter no den Deklaratiounen vum Ausseminister gesot kruten, datt fir hien nach ëmmer dee Communiqué vun 2019 vum deemolegen Ausseminister Asselborn, deen zesummen an Ofsprooch mam deemolege Premier Bettel geholl gi war, gültig wär.

Duerfir wollt ech elo hei eng Motioun, déi ech probéiert hunn, breet ze halen an eeben net elo esou anzeschränken, dass d'Majoritéit net kéint domat d'accord sinn, a wou ech mech eeben och baséieren

op dee Communiqué, deposéieren, fir d'Regierung anzulueden, sech dorunner ze halen, dass virun allem déi europäesch Normen, déi am Moment gëllen, och solle gëlle beim Import vu Produiten am Kader vun engem eventuelle Mercosur-Accord, dass natierlech d'Deforestatioun – wou mer alleguerde wëssen, dass mer e Problem hunn am Amazonas – och muss um Radar bei deenen Negociatiounen sinn, dass d'Rechter vun den Aarbechter, de Consommateuren an de Bauere souwuel national, europäesch wéi och an de Regiounen vum Mercosur musse garantéiert ginn an och keng Concurrence déloyale aux dépens vun den europäesche Bauere soll duerch deen Accord hei kommen.

Merci.

Motion

« *Négociations de l'accord de libre-échange entre l'Union européenne (UE) et le Marché commun du Sud (Mercosur)* »

La Chambre des Députés,

considérant

– *le mandat de négociation donné par le Conseil de l'UE à la Commission en 1999 ;*

– *la conclusion d'un accord de principe entre l'Union européenne (UE) et les pays du Marché commun du sud (Mercosur) le 28 juin 2019 et la négociation bilatérale qui perdure depuis ;*

– *la décision du Conseil européen du 22 mai 2018 quant à la mixité de l'accord UE-Mercosur ;*

– *l'Accord de Paris du 12 décembre 2015 sur le climat ;*

– *la déclaration des Nations Unies du 17 décembre 2018 sur les droits des paysans et des autres personnes travaillant dans les zones rurales ;*

– *que le Mercosur considère comme obstacle au commerce le Règlement (UE) 2023/115 du Parlement européen et du Conseil du 31 mai 2023 relatif à la mise à disposition sur le marché de l'Union et à l'exportation à partir de l'Union de certains produits de base et produits associés à la déforestation et à la dégradation des forêts, une des pierres angulaires du Pacte vert européen, et que l'application de ce règlement a été reportée ;*

– *le déboisement en Amazonie et ses conséquences dramatiques pour toute la planète ;*

– *les difficultés auxquelles sont soumises déjà à l'heure actuelle les agriculteurs luxembourgeois et européens ;*

– *que le rapport stratégique sur l'agriculture européenne du 4 septembre 2024, issu d'un consensus de 29 acteurs des secteurs agroalimentaires européens, de la société civile, des communautés rurales et du monde académique, établit clairement qu'un « level playing field » de normes de production élevées dans le commerce agroalimentaire mondial est une condition essentielle pour le développement du secteur agroalimentaire européen,*

rappelant

– *que le Luxembourg et l'Union européenne se sont engagés à promouvoir les valeurs fondamentales telles que le respect des droits humains, le développement durable et de normes sociales élevées dans leurs politiques commerciales ;*

– *que le respect des engagements pris au titre de l'Accord de Paris par les parties signataires de l'accord Mercosur constitue une condition sine qua non à l'approbation de cet accord par le Luxembourg ;*

– *la position historique du Gouvernement luxembourgeois tel que formulé dans un communiqué de presse en date du 25 août 2019,*